LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
22 OCT. 2019

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Luxembourg, le 18 octobre 2019

**Référence :** 82ex91d86

**Objet :** Question parlementaire n° 1222 du 19 septembre 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen – Protection des données dans le cadre des prestations de services d'aide et de soins par des organismes privés

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Monsieur le Ministre des Communications et des Médias, de Madame la Ministre de Famille et de l'Intégration et du soussigné à la question parlementaire n° 1222 du 19 septembre 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la *« Protection des données dans le cadre des prestations de services d'aide et de soins par des organismes privés »*.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Romain SCHNEIDER
Ministre de la Sécurité sociale

**Annexe(s) :** Réponse à la question parlementaire n°1222

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. (+352) 247-76320
Fax (+352) 247-86328
mss@mss.etat.lu
www.mss.public.lu
www.gouvernement.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Objet :** **Gemeinsam Äntwert vum Minister fir sozial Sécherheet, vum Kommunikatiouns- a Medieminister a vun der Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlementaresch Fro n° 1222 vum 19. September 2019 vum Här Deputéierte Jeff Engelen – Dateschutz am Kader vun der Prestatioun vu Servicer am Fleegedéngscht vu privaten Organismussen**

*1. Wéi eng Dispositiounen applizéieren sech am Beräich vum Dateschutz op déi privat Hëllefsdéngschter? Wéi gëtt gereegelt, wéi e Mataarbechter kann op wéi eng Informatiounen Zougrëff hunn? Ass den Accès zaitméisseg oder "ratione materiae" limitéiert? Gëtt et e System mat Passwierder déi geënnert ginn, esou datt fréier Mataarbechter vun den Hëllefsdéngschter keen Zougrëff méi op medezinesch Donnéeën hunn?*

D'Regierung huet keng Informatiounen dozou wéi dat bei den eenzele private Prestatairë gehandhaabt gëtt.

All verantwortlech Entitéiten, esou wéi d' Hëllefsdéngschter, déi perséinlech Donnéeë sammelen an/ oder veraarbechten, musse sécherstellen, dass si mat der europäescher a lëtzebuergescher Gesetzgebung iwwer Dateschutz am Aklang sinn. An éischter Linn gëllen d'Dispositioune vum europäeschen Dateschutzrèglement ("RGPD"), wat de 25. Mee 2018 a Kraaft getrueden ass a wat säitdeem direkt an all EU Land, dorënner Lëtzebuerg, applicabel ass. Et ass net un de Ministèren, mä un der Opsiichtautoritéit, der onofhängeger nationaler Dateschutzkommissioun (CNPD), ze jugéieren, ob dës Veraarbechtunge vu persounebezunnen Donnéeë mat der Gesetzgebung am Aklang ass.

*2. Wéi eng Informatiounen ginn aus dem Gesondheetssecteur un d'Hëllefsdéngschter? Wéi eng Informatiounen an no wéi enge Modalitéiten? Ass de Patient doriwwer informéiert a muss hien säin Accord ginn?*

All Demande fir eng Prestatioun am Kader vun der Fleegeversécherung wou bei der Gesondheetskeess era kënnt, gëtt un d'Administratioun vun der Evaluatioun a vum Kontroll vun der Fleegeversécherung (AEC) weidergeschéckt. D'AEC evaluéiert dann den Demandeur. Op Basis vun dëser Evaluatioun kritt déi jeeweileg Persoun dann entweder Prestatiounen am Beräich vun der Fleegeversécherung accordéiert oder refuséiert. Am Kader vun engem Accord erstellt d'AEC eng « Synthèse de prise en charge » wou déi jeeweileg Prestatiounen déi d'Persoun ze gutt huet dra stinn. An der Hypotheese wou déi Fleegebedierfteg Persoun bei engem Prestataire deklaréiert gëtt, kritt dësen eng elektronesch Versioun vun dëser Syntheese geschéckt. De Formulaire wou den Demandeur muss ausfëlle renseignéiert dësen doriwwer

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. (+352) 247-76320
Fax (+352) 247-86328
mss@mss.etat.lu
www.mss.public.lu
www.gouvernement.lu

u wien déi Donnéeën eventuell weidergeschéckt ginn am Kader vum Traitement vum Dossier an zwar un d'Inspektioun vun der sozialer Sécherheet an un d'Ministèren an déi concernéiert Administratiounen am Beräich vun der sozialer Sécherheet, vun der Gesondheet a vun der Famill. Et steet och op dem Formulaire dat Donnéeë kënnen un de Prestataire geschéckt ginn den déi Fleegeservicer wäert leeschten.

Den Artikel 15 vun der « Convention-cadre du 15 décembre 2017 signée entre la Caisse nationale de santé et la Fédération COPAS a.s.b.l » gesäit vir:

> « *Le contrat de prise en charge est signé entre le prestataire et la personne dépendante.*
>
> *La synthèse de prise en charge établie par l'AEC, et le cas échéant la répartition de l'exécution des prestations, de même que toutes leurs modifications ultérieures, font partie intégrante du contrat de prise en charge. Le contrat est établi en double exemplaire.* »

Eng Persoun vu Stierfhëllef kritt brauch keng Demande ze maache fir Prestatioune vun der Fleegeversécherung ze kréien. Am Fall wou e Prestataire ernimmt gëtt an de Deklaratioun vir Stierfhëllef ze kréien, schéckt de Service « Autorisations et liquidation » vun der Gesondheetskeess eng Kopie un de Prestataire. Den Departement vun der Fleegeversécherung informéiert de Prestataire, den duerch e Kontrakt mat der Persoun liéiert ass, iwwert déi Prestatioune wou dësen dierf facturéieren.

*3. Wat geschitt mat engem Patientendossier wann déi betraffe Persoun keng Hëllef méi brauch Oder stierft?*

De Recht op d'Prestatioune vun der Fleegeversécherung gëtt den Dag nodeems déi Fleegebedierfteg Persoun gestuerwen ass zougemaach. Wann eng Persoun e Recht hat op Stierfhëllef gëtt de Carnet de soins un d'Direktioun vun der Santé, déi zum Gesondheetsministère gehéiert geschéckt.

Wann eng Fleegebedierfteg Persoun reevaluéiert gëtt an d'AEC feststellt dat se d'Konditiounen net méi erfëllt fir Prestatioune vun der Fleegeversécherung ze kréie ginn déi betraffe Persoun an de Prestataire doriwwer informéiert.

Wat mam Patientendossier bei dem jeeweilege Prestataire geschitt, doriwwer huet Regierung keng Informatioun.